ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. November 2020

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir lech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister, un den Här Educatiounsminister an un d'Madamm Familljeminister weiderzeleeden.

Am Kader vun de Covid-Moossname bei der Schoulrentrée 2020/21 hat den Educatiounsminister ënner anerem mobil Teststatiounen ugekënnegt, déi bei Bedarf an d'Schoule komme kéinten.

An deem Kontext wéilte mir der Regierung gär folgend Froe stellen:

1. Sinn an Tëschenzäit schonn där mobil Teststatiounen am Asaz? Wann nee, ass en Delai virgesinn, bis wéini déi éischt Statioune mussen asazfäeg sinn? Wéi vill mobil Teststatioune si geplangt?
2. Wat fir eng Administratioun huet d'Responsabilitéit fir den Asaz vun dëse Statiounen?
3. Wéi sinn déi mobil Teststatioune personell besat? Wat fir Qualifikatiounen hunn déi Leit, déi an dësen Teststatioune schaffen?
4. Ass virgesinn, datt dës mobil Teststatiounen och an anere Beräicher wéi an der Schoul agesat ginn (z.B. am CIPA)? Wa jo, wat fir Beräicher sollen dorop zeréckgräife kënnen?
5. Wat fir Prozedure si virgesi fir den Asaz vun enger mobiller Teststatioun an der Schoul oder am CIPA?
6. Wien ass responsabel, fir esou eng Teststatioun ze ruffen? Wat fir Konditioune mussen hei erfëllt sinn, fir datt esou eng Statioun op d'Plaz kënnt? Gëtt et Delaien, an deenen déi mobil Teststatiounen, wa si bis kontaktéiert sinn, mussen op der Plaz sinn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

Fred Keup
Deputéierten